Fisch erauszehéieren, datt hien den Engländer géif lausteren. Wéi de Verréider, deen sech als Patriot ausgin hat, déi lest Nouvelle gewuer gi war, as hie gläich niewendru gaang, wou déi preisefrëndlech Wiirtsfra B. hire Café hat. D'Lett, déi am Haus Fisch den Engländer gelaustert hate, gouwe bei de Preisen ugeschmiert. Sou koum et zu denen ischte Verhaftungen hei zu Befort.

No laange Verhéiere gouwen d'Uurteeler gesprach.

En Auszuch aus der Zeitong vun deemools:





**Teuer bezahlter Gemeinschaftsempfang!**

Eine ganze Familie hörte

**verbotene Sender.**

Das Sondergericht verhängte schwere Freiheitsstrafen.

Das Sondergericht in Luxemburg hatte sich gestern wieder mit einem solch traurigen Fall zu beschäftigen. Sieben Angeklagte, 3 Frauen und 4 Männer hatten sich vor diesem Gericht wegen Abhörens nicht zugelassener Sender zu verantworten. Durch ihre bodenlose Gemeinheit müssen sie ihre Freiheit mit den Kerkermauern vertauschen.

⌧ ⌧ ⌧ ⌧

Nach etwa einstündiger Beratung kam das Gericht zu folgendem Urteil:

**Peter Fisch** - 1 Jahr 6 Monate Zuchthaus

**Peter Nic. Fisch** - 1 Jahr Zuchthaus

**Joh. P. Schuller** - 1 Jahr 4 Monate Zuchthaus

**Josef Ripp**, dessen Mutter **Susanna Ripp**, Frau **Alice Fisch** und Frau **Elise Fisch** - je 4 Monate Gefängnis. Bei **Josef Ripp** wird die Untersuchungshaft angerechnet.

Sämtliche Angeklagte, die aus Befort stammen, haben die Kosten des Verfahrens zu tragen.

D'Veruurtelong vun enger Reih Lëtzebuerger an der Zeitung

Wann och déi 4 Familjen duurch déi Veruurtelong fër d'Laustere vun engem verbuedene Sender schwéier getraff goufen, war et dach fër d'Famill J. P. Schuller-Weyland apaart haart doduurch, well de Papp just virun der Kommioun vu séngem Meedchen Margot a séngem Jong Josy an de Prisong huet misse goen. Hie koum fër deen Dag vun der Kommioun an de Gronn an as duerno viru gaangen an d'Zuuchthäiser Ulm - Siegburg - Rheinbach. Séng Fra souz ouni Akommes mat dräi klenge Kanner doheem.

Aus esou engem Uurtel vun de Preise geet ervir, datt si kengerlee Regard op d'Familjesituatioun geholl hun. Dat schlëmmt Uurtel vun dëse Beforter Familje beweist awer och, datt ënner de Lëtzebuerger och eenzel Verréider waren. Als Strof nom Kréich fër d'Wirtsfra gouf hir vun der Unioun d'Kopp geschuer. Nach eng bëlleg Strof.

### Resistenz

Iwwerall am Land huet sech de Widderstand géint déi verhaasst Nazi-Virschrëften organiséiert an esou koum et, datt Enn 1940 sech d'Resistenz an alle Géigende vum Land zesummefond huet, fër d'Lett z'encouragéieren, hir Trei zur Hemecht nët opzegin an dat och no baussen ze weisen.

Verschidde Resistenzgruppen hate sech bis Enn 1940 forméiert:

LPL Lëtzebuerger Patriote Liga
LVL Lëtzebuerger Volleks Legioun
LFB Lëtzebuerger Freihäts Bond
LRL Lëtzebuerger Roude Léiw

Nieft dene genannten Organisatiounen, déi Verbindonge bis op London a Bréissel haten, waren nach verschidde Gruppen hei am Land, déi awer bis un d'Enn vum Kréich all an der Unioun zesumme geschafft hun.

Sou wéi iwwerall sin och hei zu Befort jong Lett kontaktéiert gi fër matzeschaffen, de patriotesche Gedanken nët opzegin. Déi Beforter Resistenzgrupp huet der LPL ugehéiert an hat d'Missioun, de Fräiheetsgedanken an eiser Gegend waachzehaalen. Plakate mat Nazi-Propaganda gouwen erofgerappt an zerstéiert fir duerch patriotescher ersat ze gin.



Dacks hu mir nuets Flugblieder gemaach an opgepecht. Zum gréissten Deel si mir awer vun Iechternach iwwer d'Filière Berdorf an Haler beliwwert gin. Eisen Treffponkt war ëmmer nuets, gewéinlech op der Vugelsmillen. Virgedréckte Plakaten a Photoen hu mir do ofgeholl, fër se dan ënner d'Dire vu goude Lëtzebuerger eranzestiechen.

Mat de Photoe vum Alex Wagner vun Ettelbréck hu mir speziell Geld gesammelt fër Lett, déi an Nout waren duurch d'Preisen. Hei zu Befort as vill Geld gesammelt gin. Kee Mënsch war doduurch a Schwiregkete komm.

### 23. Mee 1941

Aféierung vum obligatoreschen "Reichsarbeitsdienst" (RAD) zou Lëtzebuerg.

Hei d'Nimm vun de 7 Beforter Medercher, déi wäit vun doheem a preisescher Uniform an den Arbeitsdienst hu misse gon. Et waren:

1. ADAM Madeleine,
2. BARTIMES Sisy,
3. DEMUTH Catherine,
4. GÖTTEL Marguerite,
5. KNAF Jeanne,
6. LENERTZ Agnes,
7. WIRTZ Léonie.

All vu Befort.




Vun Ufank un huet sech de Widerstand an alle Forme geäußert

Original Photo, gemaach vum Alex Wagner vun Ettelbréck, wéi d'Resistenzler se mat den honnerte ueschter d'Land verdeelt hun

### 22. Juni 1941

Nazidäitschland gräift Russland un, obschun den Hitler mam Stalin en Nëtugrëffspakt ofgeschloss hat, fër sech Pole mat de Russen delen ze kënnen an de Réck zur östlecher Säit hi fräi ze behalen.

D'Preisen hun de Russen nët méi getraut. Dobéi koum, datt den Hitler sech mat den Engländer verrechent hat. Trotz dene schreckleche Bombardementer vun den englesche Industriestied huet d'Wehrmacht agesëin, datt déi englesch Aviatioun hinnen iwwerleë wir a si eng Landong déi Säit vum Kanal hu misse fale loossen. Fër awer Erfolger viru mellen ze kënnen, hu si et mat de Russe probéiert.

Mir hei zu Befort hun d'Preisen ëmmer héieren eriwwer fléien, dohin an zréck. Mir hun awer och mat grousser Genugtuung héieren, datt et dër ëmmer manner waren, déi eriwwer gaange sin, an dat huet éis Courage gemaach.

Duerch dat däitsch Engagement a Russland stongen d'Russen dunn op der Säit vun den Alliéierten. De Preisen awer sollt et gon ewéi deemools dem Napoléon. De russesche Wanter as hinne schlecht bekomm.